N°1971
Entrée le 25.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg ass bekannterweis nach ëmmer an enger Wunnengs - an Immobiliekris a vill Leit hunn, och ënnert deser Regierung, nach ëmmer keen eegenen Daach iwwert dem Kapp. Den Accès op eng Eegewunneng ass ëmmer nach eng Fro vum Präis, dee vill Mënschen sech net leeschte kënnen, well d'Salairen ze niddrëg sinn par Rapport zu deem, wat Wunnengen an d'Immobilieprêten kaschten.

Verschidde Mënsche fannen hiert Gléck Mol bei ëffentleche Steeën, wou Wunnengen oder Terrainen ze fanne sinn. Op villen Adjudicatiounen gi Leit aus Virwëlz kucken, fir d'Präisser gewuer ze ginn. Hei feelt et awer generell un Iwwersiichtlechkeet an un Transparenz, fir dass potenziell Keefer net sou séier op d'Ae gedréckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Immobilie goufen zënter 2019, opgelëscht pro Joer, op ëffentleche Steeën verkaf? Wéi vill dovunner ware Wunngebaier?
2. Wat ass den Duerchschnëttsmontant, zu deem eng Wunneng versteet gouf (opgelëscht pro Joer)? Wat ass de Medianwäert?
3. Wéi vill Euro Recettë sinn duerch d'Versteeën insgesamt an d'Staatskeesen erakomm, opgelëscht pro Joer zënter 2019? Wéi vill dovunner duerch de Verkaf vun Immobilien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten